N° 6502
Entrée le 11.08.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Äntwert vun der Familljen- an Integratiounsministesch op d'parlamentaresch Fro n°6502 vum Här Deputéierte Marc Goergen iwwert de Personalschlëssel an den Offices sociaux.

Den Artikel 23 vum Gesetz seet dass de Staat an d'Gemengen sech zu 50% um Personalschlëssel bedeelegen, dee pro 6000 Awunner bei 1 Poste fir de sozialen Encadrement an 0.5 Poste fir dat administrativ Personal läit. Wann d'Bevëlkerung wiisst, kann den Office social also zousätzlecht Personal beim Ministère ufroen.

Den Artikel 23 gëtt de Gemengen an dem Staat och d'Méiglechkeet iwwert aner Konventiounen zousätzlecht Personal fir extra Missiounen ze engagéieren. Am Kader vum Afflux vu Flüchtlingen hutt de Staat 2015, iwwert eng Circulaire vum Inneministère , den Offices Sociaux d'Méiglechkeet ginn, weidert Personal ze engagéiere fir d'Prise en charge vun de Bénéficiaires de protection internationale kënnen ze garantéieren. Dës Circulaire fixéiert ee Personalschlëssel vun 1 Poste fir de sozialen Encadrement an 0.5 Poste fir dat administratiivt Personal pro 600 BPI-Awunner. D'Personal kann och proratiséiert ugefrot ginn.

Säitens vum Ministère ass d'Dir op fir d'Fro vum aktuelle Ratio ze diskutéieren; de Ministère suivéiert d'Situatioun an den Offices sociaux ganz enk a sicht no Méiglechkeete fir de genannten Defi'en ze begéinen.

Lëtzebuerg, den 11. August 2022

D'Ministesch fir Famill an Integratioun

(s.) Corinne Cahen